# T'GLECKSFOTELL

Kome'diestéck an zwe'n Akten

arrange'ert vum R.K.

============

Perso'nen:

1. t'Humpeliss, Wirtsfră 55 Joer
2. Maisy, hir Niece, 2o Joer
3. Marie, Mŏd, 6o Joer
4. Gritti
5. Finni drei Duerfmédercher, ongefe'er 2o Joer
6. Ketty
7. Philomène Putsch, Joffer öm 5o Joer
8. Madame Tutsch, 45 Joer
9. Andrée, hir Duechter, 24 Joer
10. Madame Famés, 4o Joer
11. Lily, hir Duechter, 2o Joer

============

T'Stéck kann eso' guer mat 8 Perso'nen gespillt gin, Gritti, Finni a Ketty, sin nömmen am 1. Akt, an könnən dofir de' drei Rollen vun dénen éleren Dammen: Philomène, Mme Tutsch a Mme Famés, iwerhuelen, de' nömmen am 2. Akt sin.

============

Dékor:

Eng Duerfwirtschaft, zimlech vernole'ssegt, zwo', drei Diren: eng Dir gét no baussen, eng oder zwo' Diren gin an t'Haus: Kichen an op t'Zömmeren. E puer Döscher, Bänken. Eng Fotell, de' zu də Leit gedre't ass.

============

# I. A K T

1. Szén:

Marie : ( Kontrolle'ert eng Strömp ): Neischt... net emol dat klengste Lächelchen. ( lét en op den Dösch, kuckt nach aner Sachen aus der Fléck no ) : Neischt... neischt.... alles nach ganz. Soss wosst ech menger Hänn ké Rŏt me' wan ech t'Fléck ze machen hat, an haut sin ech eso' gudd a warden bis eppes futti fure wöllt. Meng Méschtech ass eso' kriddeleg, dat se sech e puer mol am Dag change'ert fir mir Arbecht ze suergen.

Liss : (t'Méschtech könt eran ganz opgeregt an decourage'ert ) Marie, dat der et wösst, haut den Owend machen ech definitiv meng Wirtschaft zo'.

Marie : (traureg ) A wat göt aus mir?

Liss : Et dét mer jo léd, mais dir musst iech eng aner Plätz sichen.

Marie : An t'Marie bleiwt net me' Mod beim Humpeliss.

Liss : Grad we' t'Liss net me' Humpeliss ass.

Marie : (traureg ) Wösst dir et. Dreikinnegsdăg wiren et 3o Joer gin dat ech hei sin?

Liss : Ech wéss et, mais ech ka mei Plang net me' réckgăngeg machen.

Marie : Wăt ass da nömme geschitt?

Liss : Den énzege Cliang, dé mer zönter drei Me'nt hăte, könt net me'.

Marie : Ass de Schmuele Mätti dann do'd?

Liss : Fir ons jo... Den Dokter erlabt him nömme me' The'.

Marie : Dén armen Deiwel, da liewt hie net me' lang.

Liss : Mat dér Flesch Be'er, de' hien all Méndes gedronk huet, huet en eis Wirtschaft och net liewe gedon...

Marie : Mais mir hate we'negstens e Cliang. Wan hien um 1/2 2 kum, huet dir him seng Flesch mat engem Glas duergestallt, a wan hien um 7 Auer fortgung, hun ech ofgeraumt an den Dösch ofgebotzt,

Liss : Den Dokter wor granzeg mat him, hie sot zo' him, hie le'g och ömmer an de Wirtschaften.

Marie : Jo, wan én dém neien Doktor wöllt nolauschtren, da muss én ömmer an der Aptikt leien.

Liss : (sötzt sech ) Wan eise Pir, Gott tre'scht en, orém ke'm, a e ge'f dăt gesin!

Marie : Wönscht dăt nömme net, wăt ge'fe mir ellen erfe'eren!

Liss : Wat wor dăt nach eng sche'n Zeit. Do ass d'Wirtschaft dach nach gudd gangen.

Marie : Ma secher dăt, hie wor jo och de' beschte Konn.

Liss : Elo sin d'leit aus der Gegend nömmen drop aus, mat hiren Autoen a Motoren se'er an d'Stad ze kommen. Si brauche kó Be'er a ké Wein me' nömme nach Benzin.

Marie : A kén Iesse me' beim Humpeliss, awer si friessen Kilometren op der Landstross. Eise Fierkelsgelli an eis Treipen schmachen hinne net me' awer hir Treipe gi geröselt, wan se we' Schwein iwert Strosse flitzen.Wien huet de Profit dervun? Den Dokter an den Aptikter!

Liss : Do dingt elo all ons Schwätze neischt me'.

Marie : Dresseg Joer an ärem Haus, bedenkt emol we' schwe'er dat fir mech ąss nach op enger anerer Plătz unzefänken.

Liss : Majo, t'gét mir jo grad eso'.

Marie : Wat sot dir? Dir als Mŏd?

Liss : Ech verstin dat dat iech net gét.

Marie : Net am gerengsten.

Liss : Huet dir dat net gär?

Marie : Dir.könt ni als Mŏd goen, dăt ass me' schwe'er we' dir et mengt.

Liss : Wan ech iech am Dingscht gesin, da wéss ech dach we' et ass.

Marie : Dir huet et nömme gesin, we' ech iech et wollt weisen.

Liss : We' mengt der dăt, Marie?

Marie : Wan dir alles gené wöllt machen we' dir et ugestallt git, da bleiwt dir keng drei Dóg op dérselwechter Plătz.

Liss : Dàt do ass mir eng gelleg.

Marie : T'ass nömme fir iech ze soen, dat eng Mŏd eng gudd Méschtech ka gin; eng Méschtech awer ka nömmen eng schlecht Mŏd gin.

Liss : Ech wor dach ömmer gudd ge'nt iech?

Marie : ( stét op, gét hin an hir ) Dăt ass nömme mei Verdingscht.

Liss : Ere Verdingscht, elo verstin ech neischt me'.

Marie : Ech huet et eso' weit bruecht et bei iech auszehălen... iech no a no verstänneg ze machen. Dir hätt nie dei Ausdauer.- An ech, ech fillen, dat ech et och net me' färdeg brengen, dei Arbecht op enger anerer Plătz nés unzefänken.... Firwăt dierf de Schmuele Mätti da nömme me' The' drenken.

Liss : Dir musst verstänneg sin a verstoen dat mer dovu eleng och net liewe konnten. Ech hun elo all mein Erspuertet opgeziert. Ech hu menger Schwester op Letzeburg geschriwen dat ech schlecht dru sin, ech hun emol keng Äntwert kritt.

Marie : Dăt ass secher, et kritt én e'schter Äntwert wan é schreiwt,t'hätt én d'gro'sst Lo's gewonnen. An dach, t'Maisy, ärer Schwester hirt Kand ass dach ömmer bei iech an d'Vakanz kom. Et wor ömmer e le'wt a feint Kand, mais t'huet mer der oft gesticht, de' Knetzel do.

<u>2. Szén</u>

Maisy : ( könt eran) Bonjour Tatta Liss, Bonjour Marie ( stellt seng Valise nidder).

Marie : O du le'weger, t'Joffer Maisy, a mir hun elo grad vun him geschwat.

Maisy : ( göt der Tatta drei Bésen) Eng vun der Mamma, eng vum Papa, an eng vu mir.

Marie : A mir. hun elo grad vun him geschwăt.

Maisy : ( göt dem Marie zwo' Bésen) Marie, eng Bés vun der Mamma, an eng vu mir; keng vum Pappa, well wăt ge'f d'Mamma duerzo' soen? ( göt him d'Hand) Vun him aus gin ech iech d'Hand.

Marie : ( lacht ) Emmer nach de'selwecht, Joffer Maisy, an dém Moment, wo' mir vun him geschwăt hun .

Maisy : Tatta, wat hues du en traurige Bre'f geschriwen.

Liss : ( traureg ) Haut ass de leschten Dag wo' hei Wirtschaft ass.

Maisy : Hackerstiwel nachmol, Tatta, da wor et grad Zeit, dass t'Mama mech an den Zuch geschupst huet fir kucken ze kommen wăt hei lass ass ( kuckt öm sech ) Et ass wirklech wann mat de Ciangen bestallt.

Marie : De leschte Cliang: Schmuele Mätti dierf nömme me' The' ze drenken

Maisy : Hàt dir nömme me' é Cliang?

Liss : An t'Marie huet nach vergies ze soen, dass hien kömmen all Méndes eng Fläsch Be'er gedronk huet.- Loss mer mol no dir kucken. Du geseis wirklech gudd aus, dir schengt neischt ofzegoen.

Maisy : Mir gét et gudd, merci fir d'Nofro ( setzt sech bei t'Tatta).

Liss : Du häss mer solle soen dats de ke'ms, ech hätt dech op der Gare ofgeholl.

Maisy : Wan én e Geschäft huet, derange'ort én net gär.

Marie : Mir hätten ower gudd Zeit fond. - Lo machen ech iech ower eppes z'iessen.

Maisy : Merci, ech hun am Zug gies.

Marie : An e gudde Kaffi?

Maisy : Ech hun am Zug gedronk

Marie : (lacht ) Dir sid emol net e Cliang fir eis Wirtschaft ( setzt sech)

Maisy : We' ass dét, dat dir keng Cliangen me' huet, Tatta?

Liss : De' Jong denke nömmen drun fir mat hiren Autoen a Veloen an Stadt ze rullen, an de' Al, de' net me' rulle können, de' kre'en vum Dokter The' virgeschriwen.

Maisy : A wann t'Leit vum Land an Stadt ze'en, dei aus der Stadt kommen dach op t'Land.

Marie : Dei rennen we' en hellegt Donnerwieder lanscht eis Dir.

Liss : An iwerrennen ons ons Hénger.

Maisy : Da musse mir e Möttel fannen, fir dat se stallhalen.

Marie : An dobei nach selwer iwerrannt ze gin.

Maisy : ( kuckt öm sech ) Är Wirtschaft ass wirklech verălt.

Marie : Ech hun och alt schons geduecht, t'Madame hätt können eng nei Face machen. Et wéss é net op um Schöld Café stét oder wăt.

Liss : Ech hu guer ké Geld me', an dăt ge'f eng onnötz Ausgab.

Maisy : D'Wirtschaft muss awer wirklech me' modern gemacht gin; aus dem Pärdsstall an der Remise muss eng Garage gemacht gin. Haut zielen nömme me' de' Pärdskräften, wat me' wat le'wer.

Marie : Wuer ge'fe mer dan ower all de' Pärd hindongen.

Maisy : Ma en Auto mat 15 Pärdskräften brauch manner Platz we' 2 Pärd.

Marie : A so', déer Pärdskräften, déi se an hirem Auto hun. Da si Pärd, de' net hannenaus schloen, awer den Auspuff dovun...

Maisy : Da muss én Curiosite'ten an der Gegend sichen an ervir hiwen. Wăt ass hei speziell ze gesin?

Liss : Nömme Rommelsstécker eso' weit é kucke kann!

Maisy : T'ass dach secher irgend en āle Bām, eng Eech vu 5oo Joer.... oder irgend en aparte Stén, e Fiels...., eng Ruin...

Liss : Ech si ruine'ert...

Maisy : E Gespensterhaus, e Wasser mat Promenaden an enger Flage.

Liss : Eis Bach ass am Summer ganz drechen.

Marie : We' t'Kés vun eiser Wirtschaft.

Maisy : Eng Ge'gend, wo' et keng Kuriosite'te göt, ass un a fir sech schon eng Kuriosite't, mais dat gét net duer. 2oo Meter virun der Wirtschaft misst zu all Seit vun der Stross e Schöld stoen: Chauffören, halt op 2oo Meter, do göt et hausgomachten Treipen a Firkelsgelli.- An dann e Neger an der Dir, fir t'Leit ze invite'eren an hinnen d'Dir opzemachen.

Liss : A wo' soll ech dann so' hurteg e Neger hirhuelen?

Maisy : Ech sot e Neger, t'kann é grad so'gud soen: eng Negerin. T'Marie schwärzt sech, t'rullt mat den Aen an t'Negerin ass ferdeg. T'ass och gro'sse Mo'd bei de Negerinnen sech Plättelen op d'Löpsen ze stiechen, dat kann et da jo och nach man.

Marie : ( wirt sech ) Joffer Maisy, ech hätt le'wer dir ge'ft eppes aneschtes fannen

Liss : Ech soen der jo, ech hu ké Geld me' fir d'Wirtschaft nei auszestaffe'eren. Ech behāle nach Schold wan ech t'Miwele verkāfen an et fällt net me' genug eraus fir d'Steieren an den Ömsätz ze bezuelen.

Marie : Den Ömsatz vun dér Fläsch Be'er, de' de Schmuelen Mätti all Woch gedronk huet.-

Maisy : Ech gesin, et göt ömmer me' schwe'er, fir iech aus der Patsch ze ze'en. Da göt de Verdingscht ower och me' gro'ss. ( iwerlét) Wāt könnte mer fannen?

Marie : Awer oni dat ech t'Negerin mache muss.

Liss : Maisy, göf der keng Me', ugeholl du bre'chs et färdeg én, zwén, drei oder och nach fönnef Mättien ze fannen; dāt ge'fe 5 Fläsche Be'er an der Woch. Dāt geng dach net duer, mir könnten et net packen.

Marie : Mir mussen eppes besseres fannen.

Maisy : Richteg, Marie, sot är Ideen.

Marie : Nén, ech wéss neischt, ech hu nömme fir iech geschwāt.

Maisy : Mir wölle keng Mättien; mir mussen Touristen an t'Wirtschaft kre'en o'ni dat mer zevill mussen änneren.

Marie : Ech brauch also keng Negerin ze spillen mat Plättelen an de Löpsen?

Maisy : ( stét op a kuckt sech öm ) Oft brauch et net vill fir t'Leit vu weit a brét erbei ze lackelen... ( kuckt den Dösch) We'nst dem Dösch ke'nen so net ( kuckt d'Bank ) Och net we'nst déer Bank ( kuckt t'Fotell) Et ass eng gewe'nlech Fotell, mais schons besser we' t'Bänk an den Dösch. Wa mir eppes aus déer Fotell mache könnten.

Liss : Si ass fir mech eng vun déne sche'nsten Erönnerungen. Ech so'tz justament an dér Fotell we' un engem sche'ne Fro'johrsowend mei gudde Pier, Gott tre'scht en, mech froen ko'm fir mech mat him ze bestueden.

Marie : Dir sid eso' fléck an d'Kiche geläf kom an huet geruff: Marie, Marie, lauschtert: och gi Pompernékels Pir seng Frä. Dir wort net me' ze hälen.

Maisy : ( plötzlich ) Ma do hu mer et jo.

Marie : Wät hu mer.

Maisy : Mir brauche net me' weit ze sichen. T'Wirtschaft kritt eröm neit Liewen.

Marie : Wann én sech an t'Fotell sötzt.

Maisy : Tatta, du hues d'Iddi gin, dass eröm Cliangen an èr Wirtschaft kommen.

Liss : Eng Iddi fond?

Marie : Dat ge'f mech awer wonneren.

Liss : Explize'er d'Sach.

Maisy : All jongt Médchen, dat sech an dös Fotell setzt, fönd nach am selwechte Joer e Mann.

Liss : Wan och och net dra gesies wär, dan hätt dei Mononk mech awer gefrot.

Maisy : Entschöllog Tatta, et wir net eso' gangen.

Liss : Ech kann dach net gléwen, dat dös Fotell eppes mat mengem Bestiednis ze dongen huet.

Maisy : Dach Tatta, dät musst de elo gléwen, durch dös Fotell bass du t'Madame Pompernekel gin. Ech hun eng Fröndin, déi ass Redactrice bei engem Mo'dejournal. Nach haut den Owend schreiwen ech him et sollt en Artikel iwer dös Fotell erausgin, an de Rescht könt dir iech denken.

Liss : Ech wéss net wéi?

Maisy : Lauschter Tatta, wéi dat unzitt.

Marie : Wéi e Streckeisen vun engem Magnet.

Maisy : Dir Jofferen, dir wöllt iech bestueden mat dém Jong vun ären Dréм. Kommt gleich a sötzt iech an t'Fotell, de' èrt Gléck brengt, an der Wirtschaft vum Humpenliss zu Schlappéch bei Rommelsdueref.

Liss : Duerophin könt ké Mönsch!

Maisy : Et kommen der nach ze vill. Mir musse virsichteg sin an ons lanscht all Verantwortung drécken.

Marie : Well da fänken déi äl Scheieren un ze brennen. Mir gin iwerschwemmt. Wan ech dät als jonkt Médche gewosst hätt!

Maisy : Mir mussen derbei setzen: Mir behälen ons all Rechter vir, wa mer dös Neiegkét veröffentlechen; trotzdém könne mer nömmen allen Interessenten derzo' roden: Kommt, a versicht èrt Gléck.

Marie : ( opgeregt ) Do darf é net zécken.

Liss : Mais Marie, Marie, bero'egt ech.

Maisy : T'Benotzong vum Glécksfotell ass fir t'Cliangen vun der Wirtschaft absolut gratis. Prima Service, soigne'ert Kichen mat Spezialite'ten vum Haus. Modere'ert Preisser.

Liss : Ech gléwe net drun, dat dät eis soll vill Cliangen brengen.

Marie : Ganz secher komme vill jong Médercher sech an de Fotell setzen. Nömme grad onglécklecherweis göt et me' jong Médercher we' Jongen. Et wir besser wan et de Contraire wier. Dir rullt iech nach vu Lachen wan der gesid we' se sech öm t'Fotell streiden.

Liss : Mais Marie.

Marie : T'ass dach net ze légnen, we' ech jonk wor, wor ech e sche'nt Médchen, an ech hun dach missen als Stuel läfe bleiwen. Wan ech mech bestued hätt, hätt kén sech mat mir an eng Wirtschaft erabestuede können.

Liss : ( be's ) Mais Marie, dir wösst ganz gudd, dat ech e Mann fond hät well ech e ganzt flott Médche wor.

Marie : Secher dät, Madame, mais elo, wo' är Wirtschaft um Hond ass, lo gese'ch ech gär we' et elo geng.

Liss : Secher grad ewe' démols; do ass dach net driwer ze diskute'eren.

Marie : Desto besser, Madame, desto besser. ( weist op t'Maisy ) Kuckt, hei ass och e sche'nt Médchen, an et huet och nach ké font.

Maisy : ( lacht ) Dät kan elo net me' ausbleiwen well mir d'Gléckfotell hun ( setzt sech an t'Fotell a mecht d'Aen zo' ) Dät ass jo wonnerbar, wan ech d'Aen zo' machen da gesin ech...

Marie : ( ass opgestanen fir nozekucken ) We' könt dir dan eppes gesin, wan dir d'Aen zo'maacht.

Maisy : ( lacht ) Dät ass jo grad t'Spezialito't vum Fotell. Wan ech t'Aen zo'machen da . sin ech an de Gedanken a mengem Geschäft, an do gesin ech e le'we Jong, en hécht Gaston, hien huet t'Aen voll Tre'nen...

Marie : Desto besser.... Losst se ro'eg emol kreischen, de' Männer.

Liss : Mais Marie.

Maisy : Hien ass onro'eg well ech net do sin a frét de Chef vum Personal: " Ech ge'f mech gier mam Maisy bestueden.. Elo ass et net do.. Hun ech vleicht ze lang geward? Göt mer t'Erlabnes, fir bei seng Eltren no him kucken ze goen. - Hie mecht sech ewech... vergösst so'guer an der Opregong sein Hutt ( mecht t'Aen nés op a stét op ) Gro'ssarteg, o'ni dös Glécksfotell hätt hien sech ni so' schnell decide'ert.

Marie : Elo ass et u mir. Losst mech. ( setzt sech an t'Fotell, mecht t'Aen zo' )

Liss : Marie, Marie.

Marie : Ech gesi neischt.

Maisy : Macht t'Aon me' fest zo'.

Marie : Elo gesin ech nach me' deischter.

Maisy : Dät ass net aussergewe'nlech. An ärem Alter göt et keng Momentaufnahm. Do dauert et me' lang. Do muss én, we' bei de Photoen, eng Pose machen, so' we' wan et troubel Wierder ass.

Marie : ( mecht t' en op ) We' lang muss ech dan ongefe'er sötzen?

Maisy : Haut hu mer duerzo' net Zeit genug, dir könt jo nach e Momentche warden.

Marie : Wat dät ubelangt, jo, ech warde jo schons 35 Joer.

Maisy : Dir musst elo an der Kichen alles an t'Rei maachen, t'Döppen an t'Casserollen schaueren. An t'Zömmeren mussen all frösch opgezu gin. Well t'Cliangen bleiwen elo ganz secher net me' aus.

Marie : Hăl dir mech da nach, Madame?

Liss : Dăt elo ass dach alles puren Efalt.

Maisy : Gléw mer, Tatta, deng Wirtschaft könt eröm op t'He'cht.

3. Szén

Gritti : (könt eran) Madame Pompernéckel, ären Hunn ass vun engem Auto iwerrannt gin.

Liss : Lo geseis de, Maisy, we' meng Wirtschaft an t'Lucht gét; elo hun se mein Hunn iwerrannt, da bleiwt mer nach just eng Pöll vu Virzejoer.

Gritti : Né, Madame, we' ärt Hong gesin huet, dat den Hunn eso' platt zerquetscht do lueg, huet e yun Angscht mat de Flilleken geklappt an ass do'd ömgefall.

Marie : ( fir sech ) Dăt brauch sech dann net an de Fotell ze setzen fir eröm e Mann ze fannen. ( hard ) Ech gin se sichen, et göt nach we'negstens eng gudd Héngerbrittszopp ( fort )

4. Szén

Maisy : Huet dir de Numero vum Auto gekuckt.

Gritti : Ech mengen et wor e belschen, et wore ro't Nummren, awer déi hun der eso' vill, dat én se net liese kann, an en ass gerannt dat et gestöpst huet. Dir wösst jo wéi et gét.

Maisy : Joffer, sötzt iech wannechgelifft emol an dös Fotell (weist him)

Gritti : Dăt ass jo ganz gentil vun iech, mais ech hu keng Zeit, ech muss an t'Rommele goen.

Maisy : Nömme fir e puer Minutten.

Gritti : Wan dir mer eppes ze soen huet, da sot mer et Stoens Fo'ss.

Maisy : Ech bieden iech, setzt iech, et ass fir e klengt Experiment.

Gritti : (setzt sech ) En Experiment? Do sin ech over firwötzeg.

Maisy : Kuckt Tatta, eso' mache mer déi Operatio'n.

Gritti : (sprengt op) Eng Operatio'n? Bei mir ass alles an der Rei. A nén, ech brauch net opere'ert ze gin.

Maisy : Et handelt sech net öm eng Operatio'n vum Dokter, et gét nömmen öm ärt Gléck.

Gritti : Ech wéss we' glécklech ech sin, wan ech mech dohém an t'Fotell ka setzen, mir hu selwer eng dohém.

Maisy : Awer keng we' de' hei!

Gritti : ( setzt sech dran a juppelt ) Eis dohém ass nawell vill besser we' dös.

Maisy : Macht är Aen zo', sŏt drei mol : Gléckfotell, ech ge'f mech gär döst Joer bestueden.

Gritti : Wuerfir dat? Dat huet kén Zwéck, well ech si mat Péckvillchens Armand fiance'ert.

Maisy : Keng Chance!

Gritti : Ma secher ass dăt Chance!

Maisy : Keng Chance fir mech, hun ech gemengt.

Gritti : (stét op) A so', wöll dir iech vleicht gät mat him bestueden (drét him) Losst är Fangeren do ewech. Ech gi mer jo och ké Mo'degéck an d'Stădt sichen.

Maisy : Bero'egt iech, ech hu guer net wölles, iech ären Döstelvillchens Armand ewech ze botzen.

Gritti : Péckvillchens Armand, wan' ech gelifft.

Maisy : Péckvillchen oder Döstelvillchen dat ass mir egal. Ech wollt iech nömme soen wan dir nach ké Freier gehät hätt, an döser Fotell hätt dir können é fannen.

Gritti : Déi Fotell do?... Wät en Efalt... Eso' e sche'nt Médchen we' ech, fönt iwerall e Freier. ( gét se'er fort)

5. Szén

Liss : Geseiste, et göt jo neischt, ech muss meng Wirtschaft definitiv zo'machen

Maisy : Wan dät Médchen do nach ké Freier gehät hätt, dan häss de mol gesin we' et viru gange wier. T'Méderchen aus döser Gegend sollen och net ons Cliange gin, mir mussen déi vu me' weit erbei lackelen.

Liss : Ech soen der jo, et huet ké Wert nach lang ze versichen. Wät ech me' struwelen, wat ech me' de'f erafälen.

Maisy : Loss mech nömmen e puer Dég gewärden.

6. Szén

Finni : ( könt eran ) Bonjour alleguer.- Wät huet d'Gritti gesot? Dir hätt eng Fotell fir sech e Mann ze sichen.

Maisy : Stömmt ganz gené, Joffer.

Finni : ( bekuckt sech t'Fotell ) Déi elo?

Maisy : Jo, déi elo.

Finni : ( gét se rondöm bekucken, béckt sech fir drönner ze kucken) Déi schengt ass dach grad ewe' déi aner ( wöllt se upakene ).

Maisy : Päckt se net un.

Finni : ( zitt harteg seng Hand zeréck ) Dir macht mer et bang.

Maisy : Huet dir en Abléck Zeit?

Finni : Net ze lang, ech muss an t'Rommele goen.

Maisy : Sid dir kom fir Gléckfotell ze kucken oder fir ze probe'eren.

Finni : Ech mengen, ech wier bäl am Alter fir sech können ze bestueden.

Maisy : Ganz secher. Da sötzt iech virsichteg an t'Fotell, o'ni iech mam Réck widderzeléen, an o'ni är Hänn opzeléen.

Finni : Dät ass gefe'erlech. Wat kascht dät?

Maisy : Neischt. Dir braucht mer nömmen ze soen, fir wät fir eng Zort vu Mann dir iech interesse'ert, an dann ze machen wat ech iech soen.

Finni : ( zit sech vum Fotell zréck ) Är Glécksfotell ass eng Fäl. Dät ass en elektresche Stull. Ech hun eso' eppes am Kino gesin. Et ass mer ower guer net opgeluegt fir ze stierwen.

Maisy : ( sötzt sech an t'Fotell ) Kuckt, do ass dach guer keng Gefohr.

Finni : Jo, elo sot der eso', a wan ech drop setzen, dann dréckt dir mam Fanger op e klenge Knäppchen, dén én net geseit. An dann.... pschiii....bumm.... paufff.....pschit. Eng gro'ss Flam schlét eraus. - A mat enger klenger Bischt schärt dir meng Äschen op enger Kueleschöpp zesummen.

Maisy : (stét op, be's ) We' efälleg. Wät fir e Virdél hätt ech devun, fir iech zu Äschen ze v brennen.

Finni : Wăt fir e Virdél huet dir dann dervun, fir mech wöllen ze bestueden.

Liss : (fir sech) Ech bleiwen der bei, t'Wirtschaft get zo'gemaacht (gét aus)

7. Szén

Ketty : (könt zu enger aner Dir eran, steipt seng Hänn an t'Seiten) Mais so, Finn, du gene'ers dech net. Du trölls an der Wirtschaft eröm, an ech kann eleng t'Rommelen eraus rappen.

Maisy : (zum Finni) De' Joffer do ass vleicht net eso' ängstlech we' dir.- (zum Ketty): Joffer, dir gifft iech dach secher gèr emol bestueden.

Ketty : (könt me' no) Dat hänkt vun dém of, dé mech gär hätt.

Maisy : Mais dir könt iech e selwer sichen.

Ketty : Do sin ech d'accord, dăt ass interessant.

Maisy : We' wönscht dir iech ēren zukünftige Mann?

Ketty : Ech hätt gären e flotten, gro'sse sche'ne Borscht mat schwarzem krauselegen Hoer. Mat Aen, de' mir Le'ft weisen, awer kăl bleiwen anere ge'ntiwer. Hien därf keng Peif fömmen an e muss dăt gre'sst Rommelestéck weit a brét hun.

Maisy : An der Rei, Joffer, setzt iech emol hir an t'Fotell.

Ketty : Huet dir vleicht schon eso' é fir mech? Da wărt, ech muss menger Mamm et nach hurteg soen an e bessert Kléd undongen.

Maisy : (hält et zeréck) Net eso' se'er, dat musse mer fir t'e'scht arrange'eren.

Finni : (Lacht) De' Konschten do kennen ech.

Maisy : Sötzt iech virsichteg an t'Fotell, lét iech net mam Réck un, a steipt är Ärem net op.

Finni : Ech wéss, we' et gét.

Ketty : (setzt sech) So' an elo weider.

Finni : Du Efalt do.

Ketty : (stét eröm op) Et ass wo'er. Joffer, wat kascht dat elo?

Maisy : Mais et ass alles gratis.

Ketty : (setzt sech eröm, zum Finni) Maja, a wat wölls du nach weider

Finni : Du Dreibitz, wart: Pschiii.... bum.....pardautz....fli...it

Ketty : (sprengt eröm op) Wat: Pschiii...bum....pardautz...fli...it. De'i Fotell ass dach ganz solid.

Finni : Du Efalt do.

Maisy : Lo hun ech es genug mat ärem Getotz....(zum Ketty) Dir gesid jo, dat si jalo's ass. Dat mecht se quiersch, wan se elo op émol geseit dat dir sollt virun hir bestued gin. De Stand vun den ăle Joffere muß dach och nach viru goen, an si ass duerfir de richtige Stuel.

Ketty : (sötzt sech) Ech wéss, dat t'Kett jalo's ass well et sét och nach net gär Pass.

Maisy : Göt elo gut uecht,wat ech iech erklären ass ganz écht. Wan dir gär e Mann hätt mat schwarzem gekrauseltem Hoer, da mußt dir är recht Hand op dei lenk Seit vun der Fotell op steipen.

Ketty : (versicht et eso' gudd we' me'glech) Wan ech dei recht Hand op der rechter Seit könt opléen, dat wär me' licht.

Maisy : Gewöss, mais domat erécht der de contraire.

Ketty : Brengt mir de Jong mat sche'ne schwarze gekrauselten Hoer.

Maisy : Recht Hand op der rechter Seit opgesteipt brengt e ro'den.

Finny : O Kett, wat bass du en Efalt.

Maisy : Wan dir mech ste'ere wöllt, da gitt zréck an är Rommelen.

Finny : Né, Joffer, ech sin elo gewöss ro'eg.

Maisy : Fir de gewönschten ze kre'en, muß de' recht Hand iwer ärem Härz krésen. Recht Hand op de' recht Steip wir net dat richtegt.

Ketty : Dir huet recht, Joffer, entschöllegt.

Maisy : Ech mengen, wan én t'Gelegenhét huet, sech e Mann no sengem Goût ze sichen, dierf e we'neg Me' é net verdre'ssen.

Ketty : (lét de' recht Hand mat Me' op dei lenk Steipvum Fotell) Kuckt... elo machen ech et secher richteg.

Finny : (lét d'Hänn virun d'Gesicht) Aremt Kand!

Maisy : Dir musst ganz bei der Sach sin a gené machen wat ech soen

Finny : (kuckt) Dat speizt a kracht net?

Maisy : Dir hätt hären e reiche Mann, dann dréckt iech fest mam Réck widder de Réck vum Fotell. Wat der me' fest dréckt, wat hie me' reich ass. (Ketty mecht et) Donkt uecht, dat ower neischt brecht.

Ketty : Hien ass mir ni zevill reich.

Maisy : Soll e gro'ss sin, da streckt den Hals an t'Lucht, de Kapp he'ch.

Finny : Et kracht nach ömmer net. Ech wor ower domm, dat ech mir meng Platz huele geloss hun.

Maisy : Hätt dir gär t'Box un?

Ketty : Le'wer wär mer e sche'ne Rack.

Maisy : T'Box unhun wöllt soen, dass dir äre Mann un der Nues fe'ere könnt.

Ketty : Da könt hien sech jo net me' schneitzen.

Maisy : Dass ère Mann alles mecht we' dir et gären hätt?

Ketty : Ma secher, dat hält sech beim Lengent aus.

Maisy : Da musst dir t'Ze'wen an t'Lucht richten, t'Talongen bleiwen um Buedem. Wat dir t'Ze'wen me' an t'Lucht hiewt, wat dir me' ze soe kritt.

Ketty : Dat ass net licht fir t'Ze'wen weit eraus ze strecken.

Maisy : Wönscht dir soss nach eppes?

Ketty : Ech mengen, dat do wier genug... T'ass me'glech, dat ech schon zevill verlangt hun.

Maisy : Losst t'Ze'wen zréckkommen; den Hals brengt nés an seng normal Lag. Zitt iech lues vum Réck vun der Fotell no vir... Elo de' recht Hand eröm zeréck vun der lénker Steip. Stitt o'ni Ruck op... so', domat ass de' e'scht Sitzong erlanscht.

Ketty : Muss ech nach eröm kommen?

Maisy : Maar an iwermar. Duerno muss der a Gedold warden bis de Freier sech astellt.

Finny : (zum Ketty) Hues de neischt gespirt?

Ketty : Wăt soll ech da gespirt hun?

Finny : (zum Maisy) Ech probe'eren och elo. Ech setze mech an t'Fotell

Maisy : Nén, ech wöll iech elo net me'.

Ketty : Dăt schued dir neischt. Ech bestuede mech virun dir. An, hues de he'eren wat fir eng Parti ech machen?

Finny : Dăt gese'ch ech emol gèr.

Ketty : Rég dech net op, Finn. Du bass vleicht nach émol fro' wans de bei mir am Schlass Concierge göss.

Finny : (Léft op d'Fotell duer, mecht de'selwecht Gesten we' tKetty virdrun) Ech muss dé reiche Jong mat déne gekrauselten Hoer kre'en.

Ketty : (wöllt et aus der Fotell erausgeheien) Gés du wuel aus dem Glécksfotell eraus. De' Jongen, we' ech mer é wönschen, si rar.

8. Szén

Gritti : (jeitzt hart an der Dir) Dajé, dajé, macht iech an t'Rommelen dir faul Stécker do.

Liss : (könt vun dér anerer Seit eran) Wăt ass dan hei lass? Ass eppes geschitt?

Marie : Et ass eröm we' zur Zeit vum Hèr Pompernéckel se'lag.

Maisy : T'Wirtschaft vum Humpeliss stét eröm op durch eng Glécksfotell.

R I D O

## II. AKT.

Datselwecht Zömmer, we' am 1. Akt. Dös Ke'er weiss Döscheldicher, aplatz vun de Bänken stin Still bei den Döscher. D'Fotell ass geröscht mat Bänn evtl. Papeiereblummen a stét e we'neg me' he'ch. Am Eck evtl. e Bürominister. Liss a Marie hun weiss Schirtecher virgebonnen.

1. Szén

Maisy : (sötzt beim Büro (Dösch) a schreiwt): Villmols merci fir deng Höllef durch de' gudd Reklame an ärer Zeidong. Du muss nächstens och emol eise Gléckfotell probe'ere kommen. Da gengs de och endlech de Mann vun dengen Drém fannen. Hei d'Gebrauchsan-

weisung: et muss én sech ganz virsichteg an t'Fotell sötzen, oni sech un t'Steipen widerzeléen an oni de Réck vum Fotell ze bere'eren. Hätt e gär e schwarze Mann, da muss én de' recht Hand op de' lenk Steip vum Fotell léen; fir e blonden, de' lenk Hand op de' recht Steip; fir é mat enger plăkeger Kopp lét én de Réck vun der Hand op t'Steip vum Fotell. Fir é mat groen Hoer muss én e we'neg zidderen, fir é mat schluedweissem Hoer, ziddert é ganz stark. Wat én sech me' fest widder de Réck vun der Fotell steipt, wat de Mann me' reich ass. Et därf é net ze lachen, well de' Sach ass ganz ierscht. Fir e me' oder we'niger gro'ssen stréckt én de Kapp me' oder we'neger he'ch an d'Luecht. Fir me' e klengen zitt én de Kapp töschend t'Schölleren. Fir t'Méschterei am Stŏt an t'Hand ze kre'en, muss én t'Ze'wen so' weit we' me'glech an t'Luecht strécken, t'Talongen mussen ower um Buedem bleiwen, soss schwiewt én an de Wolleken. Wier én ower gären vun sengem Zukünftigen kugone'ert, da stellt én sech op t'Ze'wen a klappt mat den Talongen zesummen. Fir besonnesch Wönsch muss én an der Caisse virspriechen.

2. Szén

Liss : (könt eran, eng Serviette önnerm Arem) Et könt jo ké Mönsch. Alles wat ech vu Provisio'nen ageluegt hun, verdierwt eis. A wo'mat bezuelen ech derno all dăt. Ech hätt dir net solle nolauschteren an d'Wirtschaft zo'machen.

Maisy : Mais Tatta, ere'scht géschter wor eis Reklam an der Zeidong, du muss nach e we'neg Gedold hun.

Marie : (könt vun enger anerer Seit eran) Wa mir fir haut den Owend nach Cliangen kre'en, da muss ech mech fleissen, dat mei Fierkelsgelli färdeg ass. An de Gigot muss ech opsetzen.

Liss : Né, nén, wart le'wer. De Metzger kann en da nach vleicht zréckhuelen.

Maisy : Tatt, et wär besser, t'Marie ge'f no senger Kiche kucken oni sech öm t'Cliangen ze kömmeren. Mir kre'en der ganz secher nach haut den Owend.

Liss : (zum Marie) Gitt emol op den iewechte Spiecher zum Licht erauskucken op nach keng friem Leit kommen.

Marie : Soll ech nés op den iewechte Speicher klammen, dăt ass haut schons fir t'sechst, ech si we' geriedert... Soll ech de Gigot broden, jo oder nén.

Liss : Wart emol, ech gin op d'Stross kucken (gét aus)

Marie : Ech we'sst nömme gär ént: soll ech de Gigot fir den Owend broden oder net.

Maisy : An ärer Plaatz ge'f ech e broden.

Marie : T'ass égal. Wa Cliangen vum 3 Auerzug komme sollen, da können se net me' weit ewech sin.

Maisy : Si hun sech vleicht nach önner Wé opgehălen.

Marie : Si sollen sech net ophălen, ech muss wössen wo' ech mam Gigot dru sin.

Liss : (könt ganz opgerégt eran, eng Depeche an der Hand) Hei Maisy, mach du se op, ech zidderen vill ze vill (gét him se)

Maisy : (mecht op) Reserve'ert mer ärt bescht Zömmer fir haut den Owend. Joffer Philomène Putsch.

Marie : Elo ass d'Sach decide'ert: ech broden de Gigot.

Liss : De' Joffer Philomène Putsch sét ower guer net, dat si och wöllt iessen.

Marie : Do... elo wéss ech eröm net we' ech et soll machen.

Maisy : Wan de' Joffer Philomène sech eist bescht Zömmer reserve'ert, da wöllt sie och domadden soen, dat si gär dat bescht Stéck vum Gigot hätt.

Liss : Mengs de?

Maisy : Ganz secher, Tatta.

Marie : An der Reih, ech machen de Gigot ( wöllt fortgoen )

Liss : (hält et zeréck) Fir de' Joffer eleng geng et duer mat engem Stéck. De Metzler könt de Rescht erömhuelen.

Maisy : Tatta, färt net fir de ganze Gigot ze broden.

Marie : ( verdrösslech ) We' soll ech et dan elo machen?

3. Szén

Andrée : (könt eran, eng kleng Valise an der Hand) Bonjour, dir Dammen, ass et hei wo' d'Gléckfotell ass?

Maisy : Jo, Joffer.

Andrée : Meng Mamm könt gleich no, sot hir nömme neischt vun der Fotell

Maisy : Entendu, Joffer.

Andrée : (gét eröm aus) Merci, Madame.

Marie : Ech machen de Gigot elo ganz.

Liss : Nén, höchstens drei Stécker.

Marie : (ongedölleg) En Stéck... zwé oder drei Stécker... oder ganz?

Maisy : Tatta, de Gigot muss ganz gebrode gin. Mir breichten he'chstens nach e ganzt Schöf, en halwen Ues an e Kallef an der Reserve.

Liss : (erfe'ert) O jeme né, nömme net... et gét duer mam Gigot.

Marie : Dann ass dăt elo decide'ert... ech brauch net me' eröm ze kommen

Maisy : Né, Marie, gitt fleisst iech.

Marie : (gét aus) Lo soll ech mech fleissen... et wor un der Madame Pomperneckel fir me' virun ze machen.

4. Szén

Mme Tutsch: (könt ganz be's eran, d'Andrée hannendrun) Ech hun dés elo grad genug fir ömmer dengem Käppche nozegoen.- Wăt fir eng géckeg Idee vun dir, hir an döst verlosse Nascht ze kommen ( sötzt sech schwe'erfälleg op e Stull, wöscht de Schwéss)

Andrée : Mamma, de' Gegend hei huet hire besonnere Charme, et ass eso' ro'eg hei.

Liss : (mane'erlech, mat der Serviette önnerm Arm) Dir Dammen, wat därf ech serve'eren?

Mme Tutsch: (dreschen) Guer neischt.

Liss : (léft bei d'Dir) Marie, Marie, loss de Gigot sin.

Marie : (könt bei d'Dir) Wat sot dir, Madame? Ech soll e si lossen.

Liss : (mecht dem Marie d'Dir vrun der Nues zo') Jo, jo.

Mme Tutsch : Emol keng Kutsch oder Auto op der Gare.

Andrée : Mamma, vergiess net, dat den Dokter der verschriwen huet vill zu Fo'ss ze goen.

Mme Tutsch : Awer net op der Landstross wo' én an der batterer Sonn drei Kilometer weider neischt geseit we' Rommelestécker - dat nennst du eng Gegend, de' bero'igend op d'Nerven wirke soll.

Andrée : (bekuckt sech d'Fotell) Et ass hei ganz chique an eso' enger äler Duerfwirtschaft.

Mme Tutsch : Bosseg vun denger Seit. Wa mer soss emol um Land woren, dan hues de alles eso' réckstänneg fond.

Andrée : Wan é me' ãl göt, da change'ert én oft seng Ideen. Ech sin elo 25 Joer ãl.

Mme Tutsch : An eso' enger plãkeger Gegend fönds de ower kaum e Mann.

Andrée : Wé wéss..... Mamma, mir können ower net heibleiwen o'ni eppes ze verzieren.

Mme Tutsch : Da fro dir, wats de wölls.

Andrée : (gét bei d'Maisy) Joffer, mir hätte gären en Zömmer mat zwé Better.

Maisy : Gär, Joffer, dir kritt No 1 ..... a nén, pardon, de No 1 ass telegraphesch reserve'ert gin. Dan ass et No 2. Wãt hätt dir gär fir t'Nuechtiessen.

Andrée : (gét bei seng Mamm) Mamma, wãt wölls de fir t'Nuechtiessen?

Mme Tutsch : (nach ömmer be's) T'ass mer alles egal, wan et nömme keng Rommele sin.

Liss : (gét eröm bei d'Dir) Marie, se'er de Gigot opgesãt.

Andrée : (gét bei t'Maisy) Mir hu keng ége Wönsch, mir sin zefridde mam plat du jour.... (göt en Ziedel) Wöllt der vleicht ons Bagagen op der Gare ofhuele lossen?

Maisy : Göt besuergt, Joffer.

Liss : Kann ech vleicht der Madame an der Joffer hir Zömmer uweisen?

Andrée : Komm, Mamma, op onsem Zömmer kanns du dech besser erhuelen. Mir hu Chance dat mer nach en Zömmer kritt hun. Et sin der telegraphesch bestallt.

Mme Tutsch : (stét op) Wat eng wonnerbar Ge'gend mat elauter Ömge'gend. Ech kucke mer bãl t'Aen aus, an ech fannen ömmer manner wãt hei unze'end ass.

Liss : (mecht d'Dir op) Wan ech gelifft, Madame, wan ech gelifft, Joffer.
(allen drei of)

<u>5. Szén</u>

Maisy : Marie, Marie

Marie : (könt eran) Wãt ass dan elo nés lass?

Maisy : Ass de Gigot opgesãt?

Marie : Ech hun es elo grad genug; hie stét hallef an hallef op.

Maisy : Hie muss ganz opgesàt gin, a macht se'er déck Feier, dass et flott gét mir hu guer keng Zeit ze verle'eren.

Marie : Opsetzen... eröm ewech huelen.... e Stéck opsetzen.... eröm fort demat... drei Stécker opsetzen.... dann ass et nés zevill. Dat göt mir eng bosseg Kächerei.

Maisy : Macht awer keng ro't Rommelen.

Marie : Ech hun ower soss neischt fir den hors d'oeuvre.

Maisy : Dăt därf der net serve'eren, sicht eppes anescht.

Marie : Ech kann awer neischt aneschter machen, wan ech net dierf kăfen.

Maisy : Mais da gitt kăfen, Marie, tommelt iech.

Marie : Fir ze kăfen, muss ech fortgoen, an da brennt de Gigot un.

Maisy : Tatta an ech dongen drop uecht.

Marie : (fir sech) Wàt wor dăt nach eng sche'n Zeit, we' de Schmuele Mätti eisen énzege Cliang wor!

6. Szén

Mme Famés: (könt mat enger klenger Valise eran) Ass et hei wo' d'Gléckfotell ass fir de jonge Médercher e Mann ze sichen.

Maisy : Jo, Madame.

Famés : Wan t'Mamm sech dann am Médchen senger Plătz dra sötzt, funktionne'ert t'Fotell dann och nach zu Gonschte vum Médchen.

Maisy : Gewöss Madame, et ass me'glech önner dér Bedingong, dat d'Médchen mat iech hei am Haus ass.

Famés : Hat ass bei mir, mais schwätzt bei him zo' net vun der Fotell

Maisy : We' d'Madame wöllt.

Famés : Ech wöll iech d'Sach explize'eren. Et gét mer dröm, mei Médchen ze bestueden fir en Edem ze kre'en. Kuckt, ech si ganz romantesch veranlagt, an ech wöll der ganzer Welt beweisen, dat eng Schwe'ermamm vun hirem Edem kan ugebied gin. Ech hăt him schon eng etlech gudd Partien gesicht, et huet nach all Ke'er nén gesot.

Maisy : (sötzt sech bei sei Büro) No zwo' oder drei Séancen am Gléckfotell gét t'Săch an t'Rei bei dém Jong, dén dir fir är Joffer erwart.

Famés : Da gét endlech mei Wonsch an Erföllong: ech kre'en en Edem... ( rifft zur Dir eraus) Lily, Lily.

Lily : (äntwert vun dobaussen) Glifft, Mamma?

Famés : Komm era, mei Kand.

Lily : (vun dobaussen) Soll ech an de' Wirtschaft hei era kommen.

Famés : Secher, mei Kand, hei si mer gudd opgehuewen.

Lily : (könt eran) Mir wössen hei jo net, we' mer d'Zeit do'dschloe sollen. So' e langweilegt Nascht. Komm mir huelen nés de nächsten Zug fir hém. Et kan én emol keng ordentlech Promenade machen. T'ass neischt hei we' Rommelestécker.

Famés : Mir benotzen t'Gelegenhét fir Studien ze machen iwer de' verschidden Zorten vu Rommelen a Betteraven: ro't Rommelen, Zockerrommelen etc, hire gro'sse Notzen, an och bei déne gewe'nleche Rommelen get et villerlé Zorten, de' mir op hir Rentabilite't könne stude'eren.

Lily : Soss bass du ömmer nömme gär op t'Plage gangen an all deng sche' Pleng de's de schons gemach has fir nés dohin ze goen gés de plötzlech op fir t'Rommelen ze stude'eren.

Famés : T'ass emol eng Ofwieslong. Et göt é midd all Joer datselwecht ze gesin (zum Maisy) Joffer, weist ons t'Zömmeren de' nach frei sin ( göt him e Billet) Losst och wann ech gelifft eis Bagagen vun der Gare heihibrengen.

Maisy : Bong, Madame. A wat wönscht de' Herrschaft fir t'Nuechtiessen?

Famés : Lily, mei Kand, wåt häss de gär?

Lily : Op ké Fall Rommelen.

Famés : (zum Maisy) Eist Lily huet de' ro't Rommelen guer net gär

Maisy : Mir serve'eren och keng, Madame.- Fir är Zömmer git w.e.g. erop, meng Tatta ass do uewen a weist iech se zo'.

Famés : Komm, Lily.

Lily : (zu senger Mamm) Hei bleiwe mer net.- Den Zug, Mama, fiert geschwönn eröm. ( Famés a Lily of )

7. Szén

Maisy : (gét bei t'Dir) Marie, Marie, kommt se'er, dass ech iech erkläre kann.

Marie : (se'er eran) Wåt ass nömmen lass? Brennt et?

Maisy : Nén, mir hu zwé nei Cliangen, eng Madame mat hirer Duechter. Suergt, dass de Gigot gro'ss genug ass.

Marie : De Gigot, Jesses mein, et huet kén duerno gekuckt we' ech kåfe wor, dén ass bestömmt ganz verbrannt.

Maisy : Huet dir nach aner Wuer matbruecht?

Marie : Et wor nömmen nach eng Koppel Hierken an eng kleng Köscht Sardinen opzedreiwen.

Maisy : Schluecht e puer Henger.

Marie : En Auto huet onse leschte Hun an ons lescht Hong iwerrannt

Maisy : Mais Marie, da musst dir kucken we' der éns git.

Marie : Jo, ower wo'mat?

Maisy : Macht E'er.

Marie : Fir E'er ze kre'en muss én Henger hun.

Maisy : (göt him de Billet) Huel dåt Gepäck hei op der Gare ewech Du kanns d'Schubkarr huelen.

Marie : T'Rad vum Schubkår ass gebrach.

Maisy : Band et mat Séler fest, dir fand bestömmt en Iesel, en Hond oder eng Kåtz fir iech ze höllefen.

8. Szén

Liss : (könt hurteg eragelăf) Elo ass et so' weit. Fén Zömmer me' frei.

Maisy : Ons Zömmeren si jo nach do... dem Marie seint

Marie : An ech, wuer gin ech da schlofen

Maisy : Mir hun elo keng Zeit me' fir schlofen ze goen. T'Wirtschaft muss eröm an t'Lucht bruecht gin... fleisst iech. Tatta, kuckt dir no der Kichen.

Marie : Dăt ass einfach, t'ass neischt me' ze machen.

Maisy : Marie, dir gitt nom Gepäck kucken... Ech besuerge de Glécks-fotell.

Philomène: (ausser Ctem ) Endlech sin ech do, mein Auto hăt eng Panne kritt du hun ech de leschten Dél vum Wé zu Fo'ss misse man.

Liss a Marie : Alles besăt... all Zömmeren am Haus si besăt.

Phil. : Huet dir mein Telegramm net kritt?

Marie : (fir sech) Et ass t'Joffer Philomène.

Phil. : Reserve'ert fir den Owend dăt bescht Zömmer.

Maisy : Bero'egt iech, Joffer, dir huet Nummer 1

Philomène:A fir t'Gléckfotell

Maisy : Och de Nummer 1

Marie : (bekuckt t'Philomène) Ech mengen, de' do muss lang sötzen ( et klappt)

Maisy : Tatta, dir git op den Zömmeren gefrot.

Liss : (opgeregt) Ech gi gleich. Marie, bekömmer dech öm t'Kichen an öm t'Gepäck (fort)

Marie : (schlét d'Hänn zesummen) Wo' ass de' sche'n Zeit vum Schmue-le Mätti hikom.

9. Szén

Phil. : De Glécksfotell. Losse mer e gleich probe'eren.

Maisy : Hei ass en

Phil. : (bekuckt en ) Wăt verstitt dir önner engem jonge Médchen? Göt et e bestömmten Alter wo' t'Fotell net me' fonktionne-ert?

Maisy : Fir de' éler Jongmédercher dauert t'Sitzong e we'neg me' lang.

Phil. : Vill me' lang?

Maisy : Zwo' Minutten fir all 5 Joer, de' et iwer 25 sin.

Phil. : 4 Minutten bis 3o Joer..... 8 bis 4o..... 12 bis 5o .... 14 bis..... Musst dir t'Zeit wössen, we' lang ech muss sötzen?

Maisy : Net am gerengsten, Joffer Philomène

Philo : Wo'mat garante'ert dir mir t'absolut Söcherhét vum Fotell

Maisy : Mat all Garantien. T'ass zwar én Hoken derbei: t'Gléckfotell get eng gewe'nlech Fotell wan de Client net voll Vertrauen un seng Wirkong huet. Wan dăt bei iech de Fall ass, da ver-le'ert är Zeit net bei ons.

Phil. : Ech hun absolut Vertrauen.

Maisy : Ech muss nach ergänzen: et göt Temperamenter, de' dem Fotell seng Gewalt zerstö'ere können. De' Fäll sin allerdengs äusserst rar, mais dät force'ert ons an déne Fäll d'Responsabilite't ofzelénen.

Phil. : (onro'eg) Mengt dir ech ge'f mech fir eng Pro'f égnen.

Maisy : (hölt hir Hand, kuckt hir an t'Aen) Ho'scht emol e we'neg... macht t'Aen zo'.... macht se se'er op ..... äre Fall gét an t'Rei.

Phil. : Dir macht mir gudde Mutt.

Maisy : De Gebrauch vun der Fotell ass gratis

Phil. : Oh, d'Geld spillt bei mir keng Roll

Maisy : Wönscht dir eppes speziellea fir t'Nuechtiessen?

Phil. : Fir dat de Fotell richteg an exakt funktionne'ert, muss ech do ké Regime hälen?

Maisy : Ganz a guer net, dé énzege Bedengong ass, dat dir fest dru gléwt.

Phil. : Ech si verréckt no Rommelen, eng Betteravenzalot ge'f mer gro'sse Plese'er machen.

Maisy : Gewöss Joffer Philomène, mir machen ons Bescht fir iech zefridden ze stellen ( göt hir en Ziedel) Hei ass d'Gebrauchsanweisung vun der Fotell.

Phil. : (liest e we'neg) Ech hätt gär e Mann mat engem gro'ssen Virkrigsschnutz. Fir de Recht iwerlossen ech dem Zo'fall.

Maisy : Wan é keng speziell Wönsch huet, da sötzt én sech einfach gemitlech an t'Fotell an et mecht én t'Aen zo'.

Phil. : A fir de Schnutz?

Maisy : E'er én opstét mecht én e Geste, we' wan én de Schnutz wöllt dre'en.

Phil. : Ech verstin.

Maisy : Oft huet eng énzeg Sitzong schon e wonnerbart Resultat erzilt; mais ech bieden iech d'Uweisongen gené ze erföllen... dät wöllt soen, drei Sötzongen, an all Ke'er en Däg Paus dertöschent.

Phil. : Ech machen alles horgené, ganz exakt we' alles muss sin. Kann ech gleich mat der e'schter Sötzong ufänken?

Maisy : (weist op t'Fotell) D'Glécksfotell erwart iech, Joffer Philomène.

Phil. : (sötzt sech gemittlech an t'Fotell, e bösche komech, kuckt op t'Auer) Zwo' Minute fir 25 Joer an fir all 5 Joer driwer. Wan ech elo t'Aen zo'machen, da kann ech net me' op t'Auer kucken

Maisy : ( gét op sei Büro zréck) Macht iech keng Suerge, Joffer, ech soen iech schons wan et Zeit ass fir opzehälen.

Phil. : Losst iech net durch mei gudd Ausse'ns iwer mein Alter ewechtäuschen, losst mer gutt Zeit.

Maisy : (sicht iersicht ze bleiwen) Ech lossen iech Zeit, Joffer

Phil. : Opgepasst, elo fänken ech un

( eng kurz Zeit Ro' )

10. Szén

Andrée : (könt eran) T'Mamma huet sech zeréckgezugen fir ze raschten, göt mer elo se'er de' no'twennog Instructio'nen iwer är Fotell

Maisy : ( göt him en Ziedel ) Hei ass d'Gebrauchsanweisong, Joffer. Fir besonnech Wönsch went iech un t'Caisse. So'bal t'Fotell eidel ass, könt der gleich mat ärer e'schter Sitzong ufänken.

Andrée : ( gét bei t'Fotell, bekuckt sech t'Philomène, könt eröm) Können de' ăl Dittien hei och nach e Mann fannen?

Maisy : Secher dat, Joffer.

Andrée : ( setzt sech ) Ech hu guer keng Zeit ze verle'eren... wan t'Mamma wăkreg göt sicht se gleich no mir ( liest den Ziedel)

Maisy : (gét bei t'Philomène, wărt e Moment a sét hir ) Joffer Philomène, är e'scht Sitzong ass eriwer.

Philo : ( le'sst t'Aen zo' ) Sitt dir es och secher?

Maisy : Ganz secher... Maacht t'Aen op.... vergiesst net, ir der opstit fir de no'twennege Geste ze machen, dén ech t'Erföllong vun ärem gre'sste Wonsch brenge soll.

Philo : Ka ké Mönsch mech gesin?

Maisy : ( zum Andrée ) Joffer, ech bieden iech, net ze kucken.

Andrée : (kuckt awer) Ech mache meng Guckelcher zo'

Philo : ( mecht de Geste fir e sche'ne, gro'sse Schnutz ze dre'nen, stét dann op)
Mir ass et ganz bosseg. De' Fotell hei ass wirklech aussergewe'nlech

Maisy : Gét t'Joffer Philomène elo op hirt Zömmer?

Philo : O nén, ech hun elo t'Bedürfnis fir ze marche'eren, ech mengen, e bösselchen durch déck an dönn ze rennen ( gét se'er aus)

11. Szén

Andrée : Wofir muss é machen we' wan én e Schnutz geng dre'en e'er én opstét?

Maisy : Ech hat iech ower verbueden der Joffer nozekucken, duerfir kan ech iech net äntweren. Wan dir fir iech perse'nlech och besonner Renseignementer wönscht, de' kritt dir önner gre'sster Diskretio'n.

Andrée : Op ärem Avis fannen ech alles wat mei Fall betröfft: ech sötze mech delikat nidder.... ech lée meng lenk Hand op de' recht Steip vum Fotell op.... ech ze'e mein Hals eran.... ech steipe mech ganz fest ge'nt de Réck vum Fotell widder.... ech strecken meng Ze'wen an t'Lucht.

Maisy : Dăt wöllt soen, t'Joffer hätt gären e Mann, net ze gro'ss, blond, immens reich, an si wönscht t'Méschterschaft am Haus ze hun.

Andrée : (Lacht ) Exakt mei Fall!

Maisy : T'Fotell stét zu ärer Dispositio'n.

Andrée : Muss é lang bei déne verschiddenen Handlonge stoen bleiwen?

Maisy : Dăt ass net ne'deg.

Andrée : ( mecht wăt et sét) Ech sötze mech ganz delikat nidder... ech steipen de' lenk Hand op de' recht Steip... ech ze'e mein Hals an... ech steipe mech ganz fest ge'nt de Réck vum Fotell...

( Madame Tutsch könt lues eran) Ech strécken t'Ze'wen an t'Lucht Talongen mussen um Buedem bleiwen.

Tutsch : ( zum Andrée ) Wät hues du dech eso' ze verenken an der Fotell?

Maisy : ( fir sech ) Elo get et eng Katastrophe.

Andrée : (stét se'er op ) Mamma, ech wöllt nömmen e we'neg Gymnastik machen fir t'Zeit auszeföllen bis du erwecht wiers.

Tutsch : Dät do schengt mer nawell eng droleg Gymnastik

Andrée : Könns du mech fir eng Promenade sichen?

Tutsch : Eng Promenade... eng Promenade.... wölls du nach eng Promenade machen no dem Wé an der battrer Hötzt, dé mer lo eneschter op der Landstross gemacht. (zum Maisy) Joffer, ech warde nach ömmer op meng Bagagen.

Maisy : Si wärden gleich do sin, Madame. Ech gin emol nokucken ( fort )

Andrée : T'ass besser ech gin och emol kucken ( gét dem Maisy no )

12. Szén

Mme Famés: (könt vun dér anerer Seit eran) Bonjour, Madame!

Tutsch : Bonjour, Madame.

Famés : Ass t'Caissière net hei?

Tutsch : Si kuckt no menge Bagagen, sie wärt gleich eröm sin.

Famés : Merci, Madame ( setzt sech, geschwönn drop) T'Madame ass och secher we'nst dem Glécksfotell hei?

Tutsch : (fir sech) Wat mengt de' mat dém Glöcksfotell (hart) Jo a nén, Madame.

Famés : Et kann én grad eso' gudd och emol en Tirchen heihinne machen a gesin, op de' Fotell wirklech de' Gewalt huet, de' hir zo'geschriwe göt.

Tutsch : (fir sech) T'Fotell? Gewalt? Eist Andrée so'tz drop an huet sech so' bosseg drop opgefe'ert... (hard) Dir huet ganz recht, Madame.

Famés : Är Joffer huet iech secher mat heihi bruecht.

Tutsch : Eso' ass et, Madame.

Famés : Kuckt, Madame, ech hun och e Médchen, mais t'ass net ewe' de' aner. Hätt hat gewosst wuerfir ech heihi kom sin, da wier hat net matkom.

Tutsch : Dir macht mech virwötzeg, Madame.

Famés : Et huet schons we'vill gudd Partien ausgeschloen.... elo kre'en ech et ower drun. Durch dös Fotell beisst et elo endlech un.

Tutsch : (bekuckt sech t'Fotell) Da soll én do nokommen!

Famés : Ech sin e we'neg romantesch veranlagt; ech wöll der ganzer Welt beweisen, dat och eng Schwe'ermamm vun hirem Edem kan ugebied gin

Tutsch : (fir sech) Bei dér do rabbelt et.

Famés : Ech setze mech an t'Fotell aplaatz vun eisem Lilly an dodurch kan ech selwer de Borscht eraussichen, dé mein Edem soll gin.

Tutsch : Ech fée mech fir iech, Madame ( fir sech) Elo wéss ech endlech firwat eist Andrée onbedengt hir an dät verlossent Nascht kommen wollt.

13. Szén

Maisy : (könt eran) Madame, är Bagagen sin elo gleich hei. E klengt Ongléck mam Rad vun der Schubkăr... wöll soen mam Răd vun eisem Wŏn, brengt de retard mat sech.

Tutsch : Wo' ass mei Médchen, eist Andrée?

Maisy : Am Gărd, d'Joffer ass am Gang Magre'dercher ze pläcken an ze zielen.

Tutsch : (fir sech) Ech gi kucken. Ech muss Beschéd kre'en iwer de' Fotell, firwăt hat sech so éfälleg dra gekrömmt huet. (gét aus)

**14. Szén**

Famés : Joffer, ech we'sst gär, we' d'Glécksfotell funktionne'ert.

Maisy : Wat fir en Edem hätt dir gär, Madame?

Famés : E mat sche'ne bloen Aen hannert engem décke Bröll... lang, blond Artistenhoer..., e gudd gesăten. En Dichter muss hie sin, dé mir, mat der Hand um Härz, Gedichter opsét.

Maisy : (weist op t'Fotell) Gutt, Madame, wöllt dir iech ganz delikat setzen a meng Uweisongen befollechen.

Famés : (setzt sech voller Fréd) Merci, Joffer, villmols merci!

Maisy : Fir sche' blo Aen... kuckt gro'ss an d'Lucht.... Fir blond Hoer... lét de' lenk Hand op de' recht Steip vum Fotell. Röselt de Kapp, we' wan der eng Künstlermähn zeréck gengt werfen ( Lily könt eran) Röselt nach ömmer... dăt weist ömmer me' op en Artistekapp.

Lily : (geseit seng Mamm, gét se'er op se duer) Wăt hues de, Mamma... wăt ass geschitt? (zum Maisy) O Joffer, sŏt, wat ass menger Mamma geschitt?

Maisy : (lauschtert) T'Gepäck ass ukom ( gét se'er aus)

**15. Szén**

Lily : Ech muss den Dokter ruffen, Mamma..... Mamma, dann äntwer mer dach. Wo' hues de we'? Am Kapp? Da schwätz dach mat mir, ech bieden dech.

Famés : écht) Hei an der Fotell wir deng Platz an net meng.

Lily : Misst ech um Fotell mam Kapp durchenén sin?

Famés : De Kapp gudd röselen, dat e vill sche'n Hoer kritt.

Lily : (ömmer me' ängstlech) Wăt sés du?... T'göt mer angscht... De' uerg Sonn önnerwé... Mamma, höllef mer dach. So mer, dass der neischt félt.

Famés : Dach... mir félt eppes... ech hun e Médchen, dat wöllt sech net bestueden, wo' seng Mamm dach eso' fro' wier en Edem ze kre'en.

Lily : Ass et duerfir, das de de Kapp so' hin an hir werfst.

Famés : Jo, grad duerfir...

Lilly : Ech hun awer nach ni gesot, dat ech mech net bestuede wöllt.

Famés : Du hues all de' gudd Partien ausgeschloen, de' ech dir propose'ert hun.

Lily : T'wor kén derbei dé mer gefall huet.

Famés : (stét op) Sötz du dech hir an t'Fotell, mach deng Aen zo'. a beschreiw mer de Jong, déns du gären häss.

Lily : (sötzt sech) Ech kann der e net beschreiwen.

Famés : (lebhaft) Ass et net en Dichter mat blondem Artistenhoer? Mat bloen Aen?

Lily : Ech wéss et net... Ech wéss et guer net... Ech hun en ere'scht durno fond an hu mer gesot: dăt ass dén dén ech mer geng wönschen....

Famés : Bleiw an der Fotell. Dat elo ass e spezielle Fall, do muss ech t'Caissière öm Rot froen.

16 Szén

Tutsch : (könt eran mam Andrée) Ech hätt ower ni geduecht dat ech eso' en dommt Stéck vu Médchen hun... eso' eng Tötz... eso' e Bötschel, dăt gléwt dat én an enger Fotell op der lenker Steip é mat blondem Hoer fönd an é mat schwarzen Hoer op der rechter Steip, an dat hien sech kommande'eren le'sst wan én t'Zo'wen an t'Lucht stréckt.

Philom. : (könt era gelaf) Wo' ass t'Caissière an t'Wirtsfră? ( léft bei de' eng Dir) T'Caissière an t'Wirtsfră? ( eröm bei de' aner Dir) t'Caissière an t'Wirtsfră?

Maisy : (könt era geläf) Hei sin ech, wat ass geschitt?

Liss : (könt och era geläf) Wo' brennt et?

Philom. : (sprengt hir öm den Hals, ömärbelt se) Merci, merci. Aussergewe'nlech, ongléwlech, phénomenal, wonnerbar, phantastech èr Glécksfotell. Durch eng énzeg Sitzong hun ech dé richtige Mann fond, dén ech eso' lang gesicht hun ( sötzt sech a wöscht sech de Schwéss of )

Famés : (zum Lily, dat opgestane wor) Bleiws de wuel sötzen

Andrée : Geseis de, Mamma, hăt ech dir et net gesŏt?

Philom. : (stét op, gestikule'ert) Ech so'tz am Gras, meng Ärem hun ech op e Kilometerstén gesteipt, an ech hu nogeduecht. Op émol drei kleng Schle' op meng Schöller, ech kucken erfe'ert op. Wé stét do: de Bannpre'ter... O, wat e flotte Mannskèrel mat engem gro'sse Schnutz. " Huet dir Léd, mei le'wt Kand," sét hien. " Mei le'wen Här, sot ech, we' ass et traureg wan é ké Mönsch huet mat dém é Fréd a Léd kann délen."... Seng Broscht hiewt sech, hien otemt schwe'er: " Wiem sot der dăt? Mais so' ass d'Liewen. Zwé Mönschen bleiwen oft eleng a bedaueren hirt Lo's an si könnten dach eso' licht beienén hirt Gléck fannen... ( sötzt sech, wöscht de Schwéss)

Andrée : (zu senger Mamm) Eng énzeg Sitzong huet dér Fră e Mann bruecht. Denk emol, Mamma, wat de' Fotell eng Gewalt huet.

Famés : Mein zukünftigen Edem wart bestömmt schons virun der Dir a sét seng sche'nst Gedichter op.

Philom. : (stét op) Hie gong fort... ech duecht, dén elo geseis de ni me' eröm. Op émol iwerkönt et mech, ech ruffen him no an hiewen t'Hand an t'Lucht ( mecht et ) Firwăt wöllt dir dös schwach Hand net an är gro'ss, stark Hänn léen, fir hir eng Steip ze sin.... Hie fönt băl keng Wierder: " Dir... eso' eng besser Joffer.... eso' distingue'ert... dat ass dach onme'glech..." " Mais dach, et ass me'glech.... dir gesitt dach, dat ech mech iech wöll ganz unvertrauen... An enger Stonn zeit könt hien heihin an t'Wirtschaft fir offiziell öm meng Hand unzehălen. Ech invite'eren iech alleguer zu onser Verlobung. Et soll e ganz gro'ssen Diner gin. Dir Dammen an dir Jofferen, sicht iech alleguer e Cavalier ( sötzt sech, wöscht de Schwéss)

Tutsch : (fir sech) Wan de' ál Scheieren ufänken ze brennen!.....

17. Szén

Marie : ( könt eran, huet an all Hand eng gro'ss Valise, ass vollbehangen mat Poschen, Parapluien etc, mat Séler ugebonnen, jeitzt ausser Otem)

Eso' kann et net me' weidergoen, nén, dat elo machen ech net me' mat.... Virun der Dir stin zwén Autocaren: Spezialdingscht fir t'Glécksfotell.

Maisy : Tatta, geseis de, deng Wirtschaft erstét nés zu neier Ble'.

Liss : Et göt mer es zevill, dát packen ech net me'.

Marie : ( setzt d'Valissen nidder, hiewt t'Hänn an t'Lucht) : Wo' ass se, de' sche'n Zeit vum Schmuele Mätti!

R I D E A U